6378 - Projet de loi adaptant certaines modalités d'application de l'échelle mobile des salaires et des traitements et modifiant l'article 11 de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat

- et gëllt daat geschwaate Wuert -

Här President, Kolleginnen a Kollegen,

Den Index huet eng Vergangenheet, an do huet den Index dem Land a den Léit vill bruecht.

Ech denken do virun allem un den Soziale Frieden, wat och en immens wichtege Standortfaktor ass. Investore kommen op Lëtzebuerg, well se wessen dat se hei keng oder bal keng Sozialkonflikter riskeieren, wéi ee Streik, wou d'Produktioun Deeg, Wochen a Meint broch läit.

Den Index erlaabt eng individuell, betriebsbezunnen an dezentral Lounpolitik.

Den Index huet och den Leit vill bruecht : Hien gläicht de Kaafkraftverloscht aus, wann och mat engem gewessenen Retard.

An Konklusioun ass, dat den Index eng Zukunft muss an wärt hunn.

D'CSV begreisst ausdrecklech, d'Décisioune vun der Regierung de Prinzip vum Index net a Fro stellt.

Kolleginnen a Kollegen

Bis 2014 sinn elo drei Indextranche garanteiert. An Zäiten wou lenks a riets an Europa, besonnesch a Griechenland, Irland, Spuenien, Portugal Ofbau a Réckbau op der Dagesuerdnung stinn, garanteiert d'Letzebuerger Regierung mat desem Gesetz de Leit ee Plus u mei Kaafkraft an der Heicht vun 1,3

Milliarden Euro (Alex Bodry Zuelen vum LSAP-Neijoerspatt). Fro, ob d'Glas hallef eidel oder hallef voll ass, as mat engem Bleck iwwert d'Grenzen ganz seier geklärt.
(BEISPILLER)

Den Index muss et och an Zukunft wieder gin.

Dest och fir Patronat.

Och si hun ee vitalen Interêt drun, dat eng dezentral Lounpolitik weiderhin meiglech ass, well den Index schon's d'„Viraarbecht" gemach huet. Ouni den Index sin a wären och héi zu Letzebuerg d'Kolletivvertragsverhandlungen méi schwiereg ze féieren. Do brauch een sech nemmen an eisen direkten Noppeschlänner Frankreich an Daitschland emzekucken, wou et genug Besipiller get, dat iwert Streik den Lounzouwues um Niveau vun der Inflatioun erstreikt huet musse gin! A wat een Streik och un Keschten vir ee Betrieb mat sech brengt, brauch ech jo net weider ze erklären.

Et besteet och vir ee Betrieb een Interêt, datt d'Kaafkraft vun de Leit Schratt hält mat der allemenger ökonomescher Entwecklung.

Den Index ass ee zentrale Pilier vu enger Politik op der Grondlag vun der sozialer Marktwirtschaft, wou wirtschaftlech a sozial Froen emmer direkt am Zesummenhang stinn.

An dofir duerf den Index net realiteitsblann applizeiert ginn. Wa d'Rohstoffpreiser explodeieren an Deirecht an d'Luut dreiwen, duerf datt net d'lëtzebuerger Betrieber penaliseieren, dodurch datt bei hinnen de Loundrock an d'Luut get. Et dierf een jo net aus den Aen loossen, datt eis Betrieber a grenziwwerschreitender Konkurrenz stinn.

Net realiteitsblann heescht och, datt e considereiert, dat den Index d'Inflatioun udreiwt. Index bedeit, datt d'Prestatiounen mei deier ginn, vum Coiffeur bis an d'Altersheim. Index hescht och Meibelaaschtung fir den Staatsbudget. Dat

bedeit, datt Suen op aanerer Plaz fehlen an dei et och méi schwéier machen den Defizit ofzebauen.

Net realiteitsblann sinn heescht och, datt een sech bewoost as, datt den Index keen Instrument vu Sozialpolitik ass.

Den Index ass am Kär nëmmen en Instrument fir den Kaafkraftverloscht auszegläichen. Hien ass esou formuléiert: sozial blann. Wien eng deck Päi huet, kritt vill bei, wien weineg huet, kritt bedeitend manner bei.

D'Plafoneiren vum Index huet jo de Moment zu Letzebuerg keng politesch Majoriteit. Wat awer net hescht, dat een net iwert dei Méiglechkeet soll nodenken – och haart nodenken.

Daat selwecht gellt och fir d'Iwwerschaffung vum Wuerkuerf – déi fir de Moment net zu Diskussioun steet, wou een sech aawer Fro stellen kann, wann een verschidden Posten géif raushuelen ob dess dann net missten op enger aanerer Säit compenséiert ginn zum Beispill duerch eng méi héigh Gewiichtung vum Logement am Wuerkuerf, well mer jo wessen dass deen bis zu 40% vun den Ausgaben vun engem Stoot kann ausmachen. Ech kann och net verstoen dass wa mer op der enger Säit een Antitubaksgesetz welle stemmen wou femmen an de Bistro'en soll verbuede ginn, mir op der aanerer Säit awer den Tubak weiderhinn am Indexwuerkuerf lossen.

Den Index muss eng Zukunft hun, awer den Index duerf de Wee an d'Zukunft net verspären.

1982, 1983 ass eng Indexmodulatioun gemach ginn. Géint den heftegen Widerstand vun de Gewerkschaften, mais d'Regierung huet deemols un hirer Linn festgehall an sech déi Margen geschaffen, déi fir d'Zukunft ze prepareieren, néideg waren.

Deemols – zu gläicher Zäit stong do mat der Stohlindustrie d'Zukunft vum Land um Spill - ass gesoot ginn, datt den Index nët eng fix Iddii duerf sinn an dass regelmässeg Upassungen vum Wuerenkuerf misste gemach gin.

Och as gesoot ginn, datt e muss oppassen, datt den Index nët op eemol aplaz fir mei Solidariteit an der Gesellschaft ze suergen, de Geescht vun der Solidariteit schwächt.

Deemols an den Index-Diskussiounen huet eng Positioun iwwerhand gehol, dei mat Moderatioun a Pragmatismus un d'Indexfroe erugang ass a net mat Ideologie. A well sech des Positioun duerchgessat huet, si mer während 3 Joerzengte gutt mam Index gefuer. Lëtzebuerg huet sech Mëtt den 80er op an d'Zukunft gemach, an dat op eng Maneier, wei baal keen anert Land.

An och haut brauche mir erem eng Politik, dei eis Margen schafft fir d'Zukunft. Fir eng zukunftsorienteiert Politik, dei a Formatioun, Recherche, Infrastrukturen awer och a Gesondheet, a Kanner- an Altersversuergung investeiert oder dei besonnesch op di wirtschaftlech Diversifizeierung setzt.

Mir brauchen Modernisatioun do wou mir net virukommen, mir brauche Remodernisierung do wou mir zereckfallen.

An dem Kontext well ech dem Luc Frieden a Jeannot Krecké feliciteieren fir de Lancement vum luxembourg future fund a vum fonds life sciences leschten donneschdeg.

Herr Präsident

D'CSV begreisst, datt d'Regierung resolut gehandelt an seier Décisioune geholl huet, wei d'Tripartite am Dezember hänke bliwwen ass. D'CSV huet et schons ee puermol gesoot a sie steht och dozou: d'Regierung kann op hir Ënnerstetzung ziele, wa se Décisioune hellt dei der Situatioun ubruecht sinn.

Mée a wat fir enger Situatioun si mir?

Do ass mol op der enger Sait d'Scholdekris an Europa, wuelverstann Scholdekris net d'Eurokris. Bei ville vun eisen europäesche Frënn steht Réckbau an Ofbau op der Dagesuerdnung a net Opbau. Och wa Lëtzebuerg säin Triple A behall huet - nach - wëll d'Luuten stinn och fir eis op Orange, wat awer trotzdem eng Topzensur fir d'lëtzebuerger Finanz- a Budgetspolitik ass, ass et net gutt fir Lëtzebuerg wa lenks a riets bei eise Noperen d'Boniteit erofgesaat gett an domat hir Nofroe no lëtzebuerger Produiten wahrscheinlech och erofgeht.

An Europa gewanne mer zesummen oder mir verleieren zesummen.

Op der anerer Sait muss héi zu Letzebuerg eist Objektiv sin, die kuerz- a mettelfristeg Kompétivitéit méi zolidd ze machen an hir Stäerkten ze notzen, fir d'sozial Solidaritéit an de sozialen Zesummenhalt iwer d'Joerzengten, dat heescht och grad fir die nei a künfteg Generatiounen staark ze machen.

Kolleginnen a Kollegen

Et gett Kreesser hei am Land, fir déi reduzéiert sech d'Kompetitivitéitsfro sech op d'Fro vum Index.

Dat as zimlech kuurz gegraff. Dës Fro stellt sech, mee se stellt sech awer och am Zesummenhang vum Erhalen vum Sozialen Fridden.

Soziale Fridden ass och ee wichtegt Standuertargument. Wann en den Index gif ofschaffen, da gett d'Tarifpolitik national an domadder net mei betriebsbezunn: D'Economie a besonnesch Patronat hunn dobäi nëmmen ze verleiren.

D'Kompétivitéit an Erhale vun eise Standuertvirdeeler hun mam Index ze dinn, mat de Lounniewenkeschten a mat der Betriebsbesteierung.

Kompétiviteit hescht och Arbechtsplazen schaafen an haalen.

De Chômage hei zu Lëtzebuerg hält sech haut op engem Niveau, den nach virun 3, 4 Joer zu engem Skandal ausgeruf gi wär. Elo get dat nemmen nach resigneiert zur Kenntnis geholl.

Wirwaat schwätze mer nët mei vu Vollbeschäftegung. Hu mer dat ofgeschriwwen?

Wann d'Arbechtslosegkeet klëmmt, wann d'Beschäftegungsverhältnisser zur Prekaritéit tendéiren, wann d'Angscht ëm d'Arbechtsplaz emgeet, da feiert dat zu Onsecherheet, an domadder kennt och d'Bannennofro un d'Stocken. Mir brauchen mei Beschäftegung also mei Arbechtsplazen an kompetive Betrieber.

Herr Präsident, Kolleginnen a Kollegen.

D'Indexmoduleierung verlaangt de Leit vill of, dat muss ech och eierlech zougin.

Et gi Leit, déi soen d'Regierung an d'Parlament geife mat dësem Projet net wäit genuch goen, denen soen ech dir leit niewt dem Dill.

Mais näischt ze machen, wär irresponsabel vis-à-vis vun eise Betrieber, irresponsable vis-à-vis vun denen, dei no eis kommen. D'Welt vun haut ass anescht wéi virun 10, 15 Joer.

Lëtzebuerg flitt nët mei ennert dem Radar a profiteiert vu Nischen.

D'Nische verschwannen a wann en e Bléck op de franseiche Wahlkampf geheit, gesäit een, datt Lëtzebuerg international näischt mei geschenkt kritt, Stechwuert paradis fiscal och wann dest total vereinfacht an total falsch ass.

Mir mussen eis nei opstellen, esou wei an den 80er, wou schlussendlech déi richteg Decisioune geholl gi sinn an engem Geescht vu Solidariteit an zum Gudden vun eisem Land.

Fro as, wie de Goethe geif soen, d'Gretchenfrage: hu mir haut nach dese Geescht ?

Ech wëll dann och nach drun erënneren, datt d'Indexmodulatioun just een Volet vun engem dem Ganzen ass, wat d'Regierung am Dezember ugekënnegt huet.

Do sin e ganze Paak vun Mesuren ugekënnegt gin. All dës Mesuren stinn ënnert dem Zeechen vun enger besserer sozialer Selektivitéit.

Ech wëll Iech kuerz drun erënneren, waat d'Regierung nach dëst Joër well emsetzen an ech wëll schon elo soen, datt d'CSV-Fraktioun voll a ganz hannert dëse Mesuren steet:

- Eng ganz virsichteg Politik waat d'Adaptatioun vun den Prix administrés ugeet.
- Kucken wéi mir en méi sozial gestaffelten Waasserpräiss kënen erreechen. (oppassen datt den Ali nët eppes seet)
- Fir méi Akommesschwaach Famillen ze ënnerstetzen gin op Demande hin Bongen vun 300€ pro Kand fir Schoulbicher am Secondaire ausgestallt an och eng jährlech Prime unique vun 500€ pro Kand. Dëst gëllt fir Kanner iwer 12 Joër an Haushalter matt engem Nettorevenu vun manner wéi 32.000€.
- Den Ausbau vun der Nomenclature vun den Actes médicaux remboursables vum 1. Januar 2013 un, am Beräich vun den Zenn.
- D'Surprime vun de Cotisatiounen vun den Salariéen gët eroofgesaat an 2013 ganz oofgeschaaf. Doduerch gin déi concernéiert Persounen insgesamt ëm 20 Mio. Euro manner belaascht 2012.
- De Premier huet ënnerstrach datt un der Erhéigung vum Mindestlouhn op den 1. Januar 2013 festgehaal gët.
- Am Aarbechtsrecht soll eng gréisser Flexibilitéit agefouert gin, notamment doduerch datt de Wee fir CDD'en vereinfacht gët. Trotzdem soll en onbefristeten Aarbechtsvertrag de Regelfall bleiwen.

- Waat d'Aarbechtszäit ugeet, sou huet de Premier d'Sozialpartner obgeruff sech eenz ze gin. D'Regierung ass hei och bereed ze légiféréieren.
- E Pacte pour l'Emploi fir eeler Aarbechter soll ausgeschafft gin.
- Fir déi Obdachlos Leit an eiser Gesellschaft, sollen 4 nei Centres régionaux geschaaf gin, fir méi Better ze hun an d'Offer ze dezentraliséieren.

Wéi schon gesoot, d'CSV-Fraktioun begréisst dës Mesuren ausdréclech an steet och voll a ganz dohanner.

Marc Spautz
Fraktiounspresident vun der CSV